



---

## Schäfflenger Jugendhaus

### Joresrapport 2021

mäin  
**ZUKUNFTSDIPLOM**



# **1. Table des matières**

1.Table des matières.....	2
2.Introductiouн .....	4
3.A.S.B.L.....	5
3.1.Memberen.....	5
3.2.Team .....	5
4.Formatiounen 2021 .....	6
5.Benevolater/ SVN/ Stagiairen .....	7
6.Zillgrupp .....	7
7.Öffnungszeiten des Jugendhauses .....	7
8.Éffentlechkeetsaarbecht .....	8
9.Daagesprojet'en .....	9
10.Langzeitaktiviteiten/Daueraktiviteiten .....	13
10.1.Cabannes/Toilette zu Audun le tiche.....	13
10.2.Summer Aktiviteiten 2021 .....	13
10.2.1.Rapport Alpin Adventures 2021.....	13
10.3.Bouldertraining.....	14
10.4.Be Actif SNJ .....	14
10.5.Refresh Jugendhaus.....	14
11.Inhaltsverzeichnis .....	15
11.1.1.Aktivitéiten am Kader vum Refresh Jugendhaus .....	15
11.2.Zukunftsdiplom.....	15
Dei nei Struktur .....	16
ZD Weekend 1 «Film machen» .....	17
ZD Weekend 2 «Hiking» .....	18
11.2.1.-Individuellen Sozialen Engagement am Kader vum ZD:.....	19
11.3.ReCycle Planet (Projet pilote : le vélo au quotidien).....	20
11.3.1.- Aktivitéiten am Kader vum ReCycle Planet:.....	21
11.4.Outreach.....	21
11.5.Hochbeet/Urban Gardening .....	23
11.5.1.Aktivitéiten am Kader vum Flächenbuffet: .....	24
11.6.Sport: D'Jugend dei sech Beweegt .....	25
11.7.Brunch an Aktiviteit .....	26
12.Formatioun Animateur A.....	27

12.1.Zieler.....	27
12.2.Inhalt vun der Formatiou.....	28
<b>13.Divers.....</b>	<b>29</b>
13.1.Statistiken journal de bord .....	29
13.1.1.Visiteurs .....	29
13.1.2.NOMBRE DE PARTICIPANTS DANS TOUS LES PROJETS .....	30
13.1.3.BERODUNGSGESPREICHER .....	30

## 2. Introductioun

D' Schéfflenger Jugendhaus baut op de Bedierfnisser an den Interesse vun de Jugendlechen op. Dofir ass et all Mataarbechter besonnesch wichteg déi ze Erkennen an déi Jugendlech bei hirem Entwécklungsprozess ze begleeden a Motivéieren. Duerch géigesäiteg Wäertschätzung a Respekt kréien déi Jugendlech Méiglechkeet sech aktiv un de Projeten an Aktivitéiten ze bedeelegen a mat ze gestalten. Doduerch kënne Si wäertvoll Erfarunge sammelen an nei Kompetenze gewannen, déi hinnen am Liewe vun Notze sinn. Gläichzäiteg sollen hir individuell Fäegkeete gestärkt ginn. Vill Jugendlecher weise verstoppte Potential op, dat et ze erkenne gëllt fir déi Jugendlech besser begleeden ze kënnen an hirem perséinlechen Ziel méi no ze bréngen.

Ee wichtige Punkt vun eiser Bildungsariichtung ass et dowéinst deene Jugendlechen ee gutt Beispill ze sinn an hinne mat enger optimistescher Astellung ze begéinen. Fréndlechkeet, Respekt, Empathie an Authentizitéit spiller dobäi eng zentral Roll.

Fir dat eng Struktur wéi Schéfflenger Jugendhaus no deem Konzept funktionéiere kann, müssen déi Jugendlech sech un definéiert Ëmgangsreegelen halen. Déi goufen zesumme mat hinne festgeluecht. Dës Reegele sollen zu engem respektvollen Ëmgang am Jugendhaus bайдроен.

### 3.A.S.B.L

Präsidentin: Enesa Agovic

Vize-Präsident: Rizo Agovic

Sekretärin: Marie-Jeanne Schmitt

Schatzmeeschter: Semir Jamin

### 3.1. Memberen

Jacques Welter Alain Paluce Carlo Feiereisen

Aldin Civovic      Gilbert Godart      Marc Spautz

Guy Steichen Jannick Semedo Sven Kill

### 3.2. Team

Giordano Lynn : Jugendarbeschter seit 2020(en formation)

Rodrigues Filipe : Jugendarbeschter säit Juli 2019

De Oliveira Patrick : Jugendarbeiter säit 2018

Colignon Sarah: Jugendarbeiterin seit 2014

Smith-Boes Janine: Jugendarbeiterin seit 2012,

Coordinatrice salt 12.2021

Coordinatrice säit 12.2021

## 4. Formatiounen 2021

Numm, Virnumm	Formatioun	Stonnen
De Oliveira, Patrick	<p>Erliebnispädagogik – <b>Pangea</b></p> <p>Module A - <b>SNJ</b></p> <p>Formation de base pour entraîneurs d'escalade initiateur sur SAE -<b>ENEPS</b></p> <p>Premier secours dans la santé mentale - <b>DLJ</b></p> <p>Reconnaissance des compétences transversales - <b>Salto</b></p>	<p>16H</p> <p>18,5h</p> <p>21h</p> <p>14h</p> <p>16H</p>
Colignon, Sarah	<p>Formation de base pour entraîneurs d'escalade initiateur sur SAE -<b>ENEPS</b></p> <p>La diversité sexuelle et de genre au quotidien dans le travail avec les adolescents – Centre LGBTIQ &amp; Cigale</p> <p>Fakenews</p> <p>Reconnaissance des compétences transversales - <b>Salto</b></p>	<p>21h</p> <p>Krankheetsbedingt net ofgeschloss</p> <p>2x annuléiert</p> <p>16h</p>
Smith, Janine	<p>Erliebnispädagogik – <b>Pangea</b></p> <p>Reconnaissance des compétences transversales - <b>Salto</b></p>	<p>16h</p> <p>16h</p>
Rodrigues, Filipe	<p>Erliebnispädagogik – <b>Pangea</b></p> <p>Module A – <b>SNJ</b></p> <p>Formation de base pour entraîneurs d'escalade initiateur sur SAE -<b>ENEPS</b></p>	<p>16h</p> <p>18,5h</p> <p>21h</p>

## 5. Benevoluteer/ SVN/ Stagiairen

Numm, Virnumm	Beschäftegung	Lafzäit
Aniset Maximilian	SVN	15.09.2020 – 15.07.2021
Veliqi Albina	Stage	12.10.2020 – 11.12.2020
Ruppert, Bryan	Stage	12.04.21 – 25.04.21
Semeador Ferreira César	Stage	29.03.21 – 24.04.2021
Heinen, Chris	Stage	30.03. – 01.04.2021
Gomes Fortes Kevin	TIG	1.12.2020 – 25.03.2021
Kieffer, Kim	Stage	02.11. – 13.11.2021
Frantzen, Sam	Stage	23.11-21 – 04.12.21
Vieira De Sousa, Paula	Stage (ca.400h)	Oktober 2021- Abrell 2022

## 6. Zillgrupp

Den Alter vun den Jugendlechen, déi mir an eiser Struktur betreie, läit tëschent 11 an 30 Joer. Dái Jonk, déi bei eis an d'Jugendhaus kommen an un den Aktivitéiten deelhuele kommen aus énnerschiddleche Kulturen. Dat erméiglecht énnereeneen aner Kulturen, Wärter an Traditiounen kennen ze léieren, esou wéi Gemeinsamkeeten auszetauschen.

Mir probéieren deene Jugendlechen eng positiv Struktur unzebidden, woubäi mir leider och émmer erëm op Widderstand a feelend Motivatioun stoussen fir un verschidde Projeten deelzehuele. Zill ass et dowéinst, och déi Jugendlech, déi soss just den oppenen Beräich am JH notzen, fir aner Aktivitéiten ze begeeschteren.

## 7. Öffnungszeiten des Jugendhauses

Der Verwaltungsrat schlägt vor etwa 20% der Arbeit der Jugendarbeiter für die folgenden Aspekte vorzubehalten: „Verwaltung/Leitung, Sekretariat, interne und externe

Versammlungen, Vorbereitung der Aktivitäten.... " Und 10% für die Durchführung von Projekten.

	<b>Accueil – Neue Öffnungszeiten</b>	<b>Accueil – Alte Öffnungszeiten</b>
<b>Dienstag</b>	14.00-19.00h	15.00-20.00h
<b>Mittwoch</b>	14.00-19.00h	16.00-20.00h
<b>Donnerstag</b>	14.00-19.00	15.00-20.00h
<b>Freitag</b>	16.00-22.00h	18.00-22.00h
<b>Samstag</b>	14.00-19.00h & 1x im Monat 11.00-19.00	15.00-20.00h

Die Öffnungszeiten des Jugendhauses betragen jetzt 26 Stunden pro Woche (1x im Monat – 29 Stunden). Vorher betragen sie 25 Stunden in der Woche.

Auf wiederholte Anfrage der Jugendlichen und nach Analyse der meistbesuchten Zeiten des Jugendhauses, haben wir uns, nach Absprache mit dem Verwaltungsrat, entschieden die Öffnungszeiten des Jugendhauses anzupassen. Das erstmal für eine Testphase von 6 Monaten, angefangen am 1ten März des Jahres 2021. Die Testphase kam so gut an, dass entschieden wurde die neu gewählten Öffnungszeiten langfristig beizubehalten

Ganz neu ist, dass wir einmal im Monat samstags schon um 11h00 öffnen und dann gemeinsam mit den Jugendlichen zu Mittag essen (Brunch Samstag). Das war ein großer Wunsch ebendieser, da einerseits nicht alle am Freitagabendessen teilnehmen können und andererseits, viele sich samstags langweilen, da keine Schule ist und daher das Jugendhaus gerne früher besuchen würden.

## **8. Effentlechkeetsaarbecht**

Als Informatiounsquell notzt Jugendhaus déi offiziell Homepage [www.schefflenger-jugendhaus.lu](http://www.schefflenger-jugendhaus.lu), eng Vitrine virum Gebäi, Facebook an Instagram. Am Newsmag vum der Geemeng huet d Jugendhaus, mat aaneren zesummen, eng eegen kleng Rubrik am Youthmag.

Do ginn dei wichtest Infoen/Ännnerungen an Aktivitéiten/Projet'en publizéiert. Op all denen Säiten fannen déi Jugendlech, d'Elteren an aner Leit Informatiounen zu Aktivitéiten, aktuell Projeten, Fotoen, Videoen a villes méi. Och an der Schéfflenger Schoulbuet 2021/22 ass en Artikel iwert d' Jugendhaus

D'Logbuch op der Homepage gëtt genutzt fir wichteg Ereignesser ënnert den Mataarbechter auszetauschen an Informatiounen déi d'Jugendhaus betreffen ze sammelen.

Als Jugendhaus huele mir un enger Rei Initiativen an eiser Gemeng deel: Schoulfester, Gesondheetsdeeg, Schoulsportdag, Journée de la mobilité, Vakanzenaktivitéiten, Hobbymaart, Be active, Gemengen Workshopen zu verschidden Themaen zum Beispill: Integration durch Bildung, asw., an probéieren iwwert dësen Wee aktiv an der Gemeng matzewierken an d'Bild vum Jugendhaus weider ze verbesseren.

Niewend der Kommunikatioun am Team an an der Gemeng fannen réigelméisseg Versammlungen mat Externen (Bsp. Telos an Uni.lu) statt, fir d'Aarbescht vum Jugendhaus méi no daussen ze publizéieren.

## 9. Daagesprojet'en

2021 konnten eng Partie Aktivitéiten an Projet'en net stattfannen weins der Covid Situatioun, doweins sinn emmer erem spontan kleng Aktivitéiten gemaach ginn.

### **20.01 - Begleedung op een Begriefnis**

Fir een Jugendlechen an der Trauer ze begleeden an ze énnerstëtzen. War d JH op Demande vum Jugendlechen beim Begriefnis dobäi.

### **23.01 – Baakatelier**

Spontan Baakaktiviteit op Initativ vun engem Jonken

### **30.01 – Jamsession**

Spontan Jamsession mat der Guitar & Sangen

### **06.02 – Baakatelier**

Mir hun Waffelen mat Uebst,Schokola an Schlagsahn gemach

### **23.02 – Danzworkout**

Op Ufro vun engem Jonken hun mer zu enger Grupp bei engem vun sengen Danzworkouts matgemach.

### **26.02 – Wildcooking**

Anstatt eisem tradiotionellen Freideg Kachatelier am Jugendhaus sin mer op eis Feierplatz gangen an hun do um Feier eist lessen prepareiert.

### **04.03 – Balanceboard**

Mir hun op eisem Balanceboard ( waat mer lescht Joer selwer gebaut hun) traineiert an eis geigenseiteg kleng Challangen gestallt

### **12.03 - Aquarium prepareiren vir wieder ze ginn.**

Mir hunn eis entscheet den Aquarium op ze ginn. Zesummen mat den Jugendlechen hunn mir deen eidel gemeet. Fir d'Fesch hunn mir no Adoptioun Elteren gesicht. An d'Material un Aquarium Fans verschenkt.

### **13.03 - Kuch Backen**

Mëttes hunn mir spontan decidéiert een Kuch ze baken. Mat den Jugendlech hunn mir zesummen no engem Rezept gesicht. No eis back Aktioun hunn mir zesummen am all den JH Visiteuren Kaffi an Kuch giess.

### **02.04 - Ofschloss lessen bei Telos an Eeër molen**

Hei sinn mir mat engem Klengen Grupp Jugendlecher bei Telos fir d'lessen invitéiert ginn. Et war eng Conviviale feier virun der Ouschter Vakanz. Den Fokus lung hei am Echange vun den Jugendlechen JH/Telos. No lessen hunn mir zesummen alleguernten Eeër gefierft.

### **10.04 - Fréijoersbotz vun der Gemeng Schëffleng**

Dëst Joer waren mir erëm mat engem Groussen Grupp bei der Fréijoersbotz dobäi. Iwwert den Mueren hunn sinn mir duerch Stroosseren gaangen an Dreck op raffen.

### **15.04 - Rallye „Gidd dobaussen Aktiv“**

Am Kader vun der Initiativ „Gidd dobaissen Aktiv“ hun mir un engem Rallye deelgehol bei deem mir Scheffleng nach e bessen besser konnte kenneleieren.

#### **17.04 PingPong Tourneier**

Op Initiativ vun de Jonken ass, vun e puer Jonker, e PingPong Tourneier am Jugendhaus organiseert an den Daag selwer och duerchgefouert/modereiert ginn.

#### **06.05 + 08.05 Afrikanescht Spill bauen.**

Mat engem Klengen Grupp ass am JH een Afrikanescht Gesellschaftsspill aus Holz gebaut ginn.

#### **06.06 Baakatelier**

Mir hun e Kuch gebaak

#### **15.06 Wasserschlacht.**

Fir eis en bëssen ofzekillen hunn mir am JH decidéiert en Wasserschlacht ze maachen.

#### **10.07 Fotoshoot fir den On Stéitsch**

Mir sinn mat engem klengen Grupp op den Fotoshooting gaangen wou mir probéiert hunn eis Chocolats Seit ze weisen. Des Foto gouf genotzt fir eis Präsens um „On Steitsch“ ze promoten, wou mir dann en Stand bedriwwern hun den 18.09.21.

#### **29.07 - En Daag um Baggerweiher**

Mir hun en Daag um Baggerweiher verbuecht. Leider war d'Wieder net ideal, daat huet en deel vun de Jonken awar net dofun ofgehaalen Schwammen ze goen. Fir Metteg hun mer zesummen gegrillt an dono sin mer nach Stand Up Paddle an Rudderboot gefuer.

#### **27.07 - Schwemm**

Mir haten geplant op Bitburg an di open Schwemm ze goen. Leider huet Wieder net matgespillet dofir sin mer an de Aquasud op Deifferdeng gangen an hun do e flotten Metteg an der Schwemm verbruecht.

#### **11.09 - Outdoor Escape Room & Fouer**

Well eis Jonk zu begeeschert vun den Escape Rooms waren/sin hun mer an der Stadt en Outdoor Escape Room matgemach. Wärend 3 Stonnen sin mer hei duerch Stadt gangen an hu

mussen verschidden Aufgaben leisen. Op die Art a Weis hun mer och Stadt besser kennegeleert an Plaatzen entdeckt op deenen deen een oder anneren nach nie war.

Dono sin mer nach zesummen bis op Fouer gangen.

### **30.10 – Halloween am Jugendhaus**

Mir hun Halloween gefeiert. Dofir hun mer Horror Kichelcher gebaak, hun Kürbissen geschnitzt an eis d’Gesichter gemoolt.

### **03.11 – Europapark**

Op wiederhuelten Ufro vun eisen Jonken sin mer an den Europapark gefuer. Do stoung alles ennert dem Thema Halloween. Trotz dem schlechten Wieder hu mer e flotten Daag voller Action verbruecht.

### **04.11 – Kino**

Die Jonk (virun allem die mei Jonk ennert hinnen) hun eis emmer rem gefrot fir och mol engkeier Owes mei speid an de Kino ze goen Mir hun eis dun am speiden Metteg getrafft an hun zesummen gekacht an giess. Vidrun ass nach ofgestemt gin weieen Film mer kucken gin. Nom lessen sin mer dun an eng Speidseance an de Kino gangen.

### **05.11 – Outdoor Escape Room**

Quasi die ganz Woch vun der Alerhellegen Vakanz stoung am Jugendhaus alles ennert dem Thema Halloween. Pasend dozou hun mer Freides Owes bei engem Outdoor Escape Game matgemach. Dofir waren mer iwwert 2h am donkelen zu Diddeleng am Besch ennerwee. De Grupp huet ganz aktiv matgemach, trotz dat e groussen Altersenderscheed zweschend de verschiedenen Teilnehmer war. Nodeem mer eis Aufgaben all geleist hun sin mer zereck an Jugendhaus gefuer a hun eis do mat Pizza opgewiermt a gestärkt.

Haut hunn mir eng Raclette gemaach. Mir waren zu 10 fir ze iessen.

### **17.12 – Raclette am JH**

Mir hunn eis zu 2 grouppen gedeelt een fir ze akafen an kachen an den Aneren gruppe wou den dech fir Raclette d’presentation, an wou ma feadech waren alles geraumt an gebotzt hunn.

## **22.12 - Karting an Lasergame**

Fir d'Lëscht acktiviteit vum Joer waren mir mat eng groupp vum 13 jonken op St-vith Karting fueren an Laser Game spiller no da aktiviteit hunn mir zesummen géisse.

# **10. Langzeitaktiviteiten/Daueraktiviteiten**

## **10.1. Cabannes/Toilette zu Audun le tiche**

20.03 – Start: Cabannes/Toilet an Kachen um Feier

Mir hun zu Audun um Klammste um Bau vun enger Trockentoilet partizipeiert. Emmer wann mer do waren hun mer eis opgedellt, en Deel vum Grupp huet um Bau geschafft an die anner hun d'lessen um Feier zoubereed.

## **10.2. Summer Aktiviteiten 2021**

Iwwert den Summer hunn mir verschidden Aktivitéiten gemach am Kader vun den Vakanzenaktivitéiten vun der Gemmeng Schéffleng. Hei hun och eng Rei Aktivitéiten mussen gecancelt ginn weins dem Covid, respektiv hun mir do spontan Summeraktivitéiten ugebueden ze Letzebuerg. Vun Juli bis September hun mir vill verschidden kleng Aktivitéiten Daagesaktiviteiten, wei och Kuerzzäitaktiviteiten proposéiert.

Des Aktiviteiten ennerschedden sech vun eisen eigentlechen Projeten an kennen och mei ludique an op Spass opgebaut sinn, wei zum Beispill Phantasialand, Skating-Tour, Feschen oder nach en Dag um Stau, an der Schwemm an nach villes Mei.

### **10.2.1. Rapport Alpin Adventures 2021**

Pendant cette activité nous sommes partis de Schifflange le 17 Juillet en direction Guillestre (Fr) avec un groupe de 8 adolescents, 1 animatrice ainsi que 2 éducateurs. Nous avons pris le choix de faire le chemin en deux étapes, nous nous sommes arrêtés dans la région du Jura pour une nuit afin de faciliter le long trajet aux adolescents ainsi qu'à l'équipe éducative.

Lors de notre arrivé sur Guillestre nous sommes pris le reste de la journée pour préparer notre camping de groupe.

Pendant la semaine nous avons repartie les responsabilités en groupe tel que cuisiner, faire les courses, la vaisselle, etc.

Nous avons de même participé à plusieurs activités culturelles ainsi que sportives tel que : Trekking, Escalade sur falaise, Cuisiner au feu, city trip à Briançon, aller au marcher régionale ainsi que des activités nautiques. Le dernier jour nous avons pris le temps de ranger notre camp de camping et laisser les lieux tel qu'on les a trouvés. Nous sommes revenues le 24 Juillet.

### **10.3. Bouldertraining**

Reigelméisseg hun mir Bouldertrainingen am Bouldersall vum Jugendhaus organiséiert, wou déi Jonk hier Klammtechnik kontinueierlech verbessert hun. Domiewend sinn och an Zesummenarbescht mat denen Jonken nei Voi'en am Bouldersall installéiert ginn.

### **10.4. Be Actif SNJ**

Dest Joer hun mir rem um Be Actif matgemaach. Iwwert eng Woch hun mir verschidden Aktiviteiten proposéiert, wou dei Jugendlech sech konnten physech austoben. Eng Aktiviteit pro Daag gouf ugebueden, esou das mir eis spézifeg em dei Jongker konnten bekemmeren. An hinen iwwert dessen Wee Erfahrung esou wei verschidden Techniken konnten vermetteln. Weins Teilnehmermangel konnten just 2 vun denen 4 Aktivitéiten stattfannen.

23/09/21 VTT an Slack line terres rouges (16h00 - 18h30)

28/09/21 VTT aux terres rouges (15h30 - 18h00)

### **10.5. Refresh Jugendhaus**

Refresh Jugendhaus est une activité qui prévois de renouveler certaines pièces de la maison des jeunes qui sont dans le besoin ou soit elles ne conviennent plus à notre public.

Nous avons prévu à long terme de renouveler ou redécorer les différentes pièces :

Kréativraum

Accueil

Cage d'escalier

Couloir Toilettes

Toilettes

## **10.5.1. *Aktivitéiten am Kader vum Refresh Jugendhaus***

### **16 – 19.02 Rénovation du Kréativraum et de l'accueil**

L'activité a débuté le 16 février à 10h00 avec un groupe de 4 jeunes ainsi que l'équipe éducative.

Lors de l'activité nous avons repeint et redécorer différentes pièces de nos locaux de la maison des jeunes. Dans la kréativraum nous avons enlevé le papier peint des murs ainsi que les traces de vielles peintures sur le sol. Apres cela nous avons repeint la pièce ainsi que les baguettes. En groupe nous avons choisi un motif du genre graffiti.

Avec le deuxième groupe L'activité a débuté le 18 février à 10h00 avec un groupe de 4 jeunes ainsi que l'équipe éducative.

Pendant l'activité nous avons repeint une partie de la salle d'accueil ainsi que fait un dessin sur deux des murs.

### **06.04 Accueil gemoolt**

Mat den Jugendlecher hunn mir weider un der Mauer am Accueil gemoolt.

### **26.05 Grouss Botz am JH**

Mat den Jugendlecher hunn mir den Tour vum JH gemeet an den Trie gemeet vun all den Saachen déi mir net méi wëllen anbrauchen. Räum sinn geraumt ginn an Platz gemeet ginn fir d'Räumlechkeeten erëm voll an ganze kennen ze benotzen.

## **10.6. Zukunftsdiplom**

Mëttlerweil ass et net méi sou einfach fir an d'Beruffsliewen eranzekommen. Beim Zukunftsdiplom kann een un senge Liewenskompetenzen schaffen. Dat si Fäegkeeten déi beim gudden Ëmgang mat Mënschen hëlfen a wéi een mat Problemer an Stresssituatiounen ëmgeet.

Den Zukunftsdiplom as eng Zertifizéierung vun de Kompetenzen, déi während eenzelen Phasen vun den Projet'en geléiert goufen. Op der enger Säit ginn nei Techniken geléiert, op der anerer Säit gëtt op d'Verbesserung vu sougenannten sozialen Kompetenzen gekuckt. Dëst as e fräiwöllegt Angebot fir Jugendlecher vun 11 bis 30 Joer. Bei dése Projet'en gëtt eng aktiv Bedeelegung an Matgestalten gefrot (challenge by choice). Mir maachen eis Gedanken iwwert d'Verhältnis vum Mënsch an der Natur, setzen eis mat eiser

Weltusicht auserneen an erweideren doduerch eisen Horizont. Den Diplom erméiglecht bei enger Bewerbung fir eng Aarbecht, säi perséinlecht Profil ze verbesseren. Fir émmer méi Patronen ass et wichteg ze wëssen, wat den eenzelen Kandidat niewent senger Schoul nach gemaach huet. Duerch den ZD kritt een eng Unerkennung vun sengem Engagement an vun der Weiderentwécklung vun senger Perséinlechkeet. Wann een bereet as un sengen Kompetenzen ze schaffen an och bereet as fir Reflexiounsgespréicher ze maachen dann as den ZD eng meiglechkeet.

Fir den Zukunftsdiplom kann een sech mat Hëlfel vun engem Formulaire umelle.

Die verschidden Projet'en ginn dokumentéiert an esou kennt een zu sengem Zukunftsdiplom.

2021 hu mir den ZD erem mei an den Fokus vun eiser Arbescht gestalt. An spezifischen Teamversammlungen hu mir eng nei Herangehensweis ausgeschafft, esou dass den Teilnehmer (TN) den ZD mei seier, respektiv d Meiglkehkeet huet, deen an engem Joer ofzeschleissen

## Dei nei Struktur

Am Freijoer an Hierscht bidden mir jeweils 2 Weekender (WE) un, dovun sinn 2 WE am erliefnesspädagogeschen Kader an 2 WE an engem aaneren Kontext, je no Interesse vun den Jonken.

Level 1	Level 2	Level 2+
WE 1 (2 Deeg – 2 Kompetenzen)	WE 2 (2 Deeg – 2 Kompetenzen)	Sozialen Engagement
WE 1 (2 Deeg – 2 Kompetenzen)	WE 2 (2 Deeg – 2 Kompetenzen)	
1 Daagesaktiviteit (vun den TN)	1 Daagesaktiviteit (vun den TN)	

### Programm am Freijoer :

Weekend 1 – **Film machen**

Weekend 2 – **Hiking**

Am Alldag kreien dei Jonk emmer erem d Meiglkehkeet Daagesaktiviteiten ze machen, zum Beispill Freides beim Kachatelier, On Steitsch, Recycleplanet, Hochbeet/Gaart, Velotouren etc.

### Programm am Hierscht :

WE 1 – **Stroosbuerg/Velo**

WE 2 - **Orientatiounshiking**

## **Supervisioun :**

An der Vergangenheet huet d Jh schon mat verschiddenen externen Experten zesummen geschafft, am Kader vun der Supervisioun. Des hellefräich Arbescht gett och 2021 weitergefouert, an Zesummenarbescht mam Sandra Biewers (Uni.lu) an dem Jacques Welter (EP). Reigelmeisseg Reuniounen an en Joeresplang vum ZD struktureieren desen Kader.

## **ZD Weekend 1 «Film machen»**

### **Samsden 22.05.21 (10-17h) Selbstkompetenz**

Iwert de Medium « Film maachen » hu si d'Méiglechkeet un hirer Selbstkompetenz ze schaffen, mat all den 9 verschiddenen Indikatoren.

(Siehe Carnet) Iddientwecklung, Storyboard schreiwen, Szenen filmen an Film schneiden/produzeieren sin d Inhalter vum WE 1.

- Aleedung: JA stellt Dagesplang vir, ZDB erklärt d'Kompetenz
- Reflexiounsgesprech beim lessen
- Enzelreflexioun mam Carnet zum Schluss vum Daag

5 Teilnehmen, 4 am Level 1 an 1 an Level 2.

### **Sonndeg 23.05.21 (10-17h) Interkulturell Komepetenz**

Iwert de Medium « Film maachen » hu si den zweeten Dag d'Méiglechkeet un der interkultureller Kompetenz ze schaffen, mat all den 4 verschiddenen Indikatoren (siehe Carnet). Inhalter sin dei selwescht wei den 1 Dag.

**Aleedung:** JA geet mam Grupp den Daagesplang duerch , ZDB erklärt d'Kompetenz

Reflexiounsgesprech beim lessen an Gruppereflexioun zum Schluss vum Daag

5 Teilnehmen, 4 am Level 1 an 1 an Level 2.

## ZD Weekend 2 «Hiking»

### Samsten 29.05.21 (10-22h) Sozialkompetenz an Risikokompetenz

Iwert de Medium « Hiking » hu si d'Méiglechkeet un hirer Sozialkompetenz an Risikokompetenz ze schaffen, mat all den verschiddenen Indikatoren.

(Siehe Carnet) Inhalter sinn Wee fannen mat Hellef vun enger Kart, Biwak bauen an Kachen um Feier. Jidderen krit d Meiglechkeet während verschidden Aufgaben eng Leaderroll anzehuelen. JA (Janine) as zoustänneg fir d Aktiviteit, JA (Patrick) as resposable fir d ZD mat den Beobachtungen an Reflexiouen.

**Aufgaben:** Leaderrollen Gepäck op deelen, Wee op Plaatz, Camp oprichten, Picknick, Oves lessen um Feier an Spullen, Stackbrout, avm...

Reflexiounsgesprech beim Picknick an Oves lessen.

3 TN am Level 1.

### Sonnden 30.05.21 (10-17h) Sozialkompetenz an Risikokompetenz

Iwert de Medium « Hiking » hu si d'Méiglechkeet un hirer Sozialkompetenz an Risikokompetenz schaffen, mat all den verschiddenen Indikatoren.

(Siehe Carnet) Inhalter sinn Wee fannen mat Hellef vun enger Kart, Biwak bauen an Kachen um Feier. Jidderen krit d Meiglechkeet während verschidden Aufgaben eng Leaderroll anzehuelen. JA as zoustänneg fir d Aktiviteit, ZDB as resposable fir d ZD mat den Beobachtungen an Reflexiouen.

**Aufgaben:** Leaderrollen Frühstück, Camp ofrichten, Wee zreck, Picknick, Jh raumen...

Reflexiounsgesprech beim Picknick mat Carnet, Selbstevaluatioun an Fremdevaluatioun.

Dei ZD Weekender am Hierscht hu missten ofgesoot ginn, weins dem Covid.

### 10.6.1. -Individuellen Sozialen Engagement am Kader vum ZD:

Mam individuellen Sozialen Engagement bidden mir den TN un, sech am Aldag vum JH ze bedelegen. Iwert dessen Wee kennen Si weider un hieren Kompetenzen schaffen. Dessen Engagement kann iwwert verschidden Aufgaben geleescht ginn, zum Beispill beim Organiseieren vun engem Pingpongtourneier, bei der Weidervermëttelen vun engem Spill (Reegelen an Spillstrategien vun Mastermind) oder beim Betreiwen vun engem Stand um Hobbymaart ze Scheffleng.

## 10.7. ReCycle Planet (Projet pilote : le vélo au quotidien)

Ce projet sur la mobilité douce est un projet local, avec une ouverture régionale. Ces objectifs s'adressent à tout citoyen et se construisent sur différents axes :

- Les jeunes de Schifflange feront partie de la mobilité de demain. À travers ce projet nous espérons sensibiliser et éduquer notre public à une mobilité saine, économique et écologique le plus rapidement que possible. Le déplacement ou la mobilité à vélo étant une culture (éducation) qu'il est bien d'acquérir.
- Le vélo permet de développer les qualités personnelles des jeunes tel que : autonomie, responsabilité, persévérance, tolérance, bien vaillance, respect de l'autre et solidarité dans l'effort commun.
- Le vélo requiert un effort physique modéré, donc accessible à presque tous, et bénéfique pour la santé.
- La revalorisation des vélos abandonnés.
- Le public est invité à entretenir, à réparer ou apprendre à réparer son propre vélo, donner des conseils pour des trajets, d'imaginer des villes et des lieux de circulation apaisée, de trouver des solutions adaptées à chacun. La piste cyclable 104 (PC104) entre Luxembourg-ville et Esch-sur-Alzette qui longera l'autoroute et aura une longueur de 27,8 km. Ce tronçon devrait effectivement être terminé fin 2022.

<https://www.lequotidien.lu/a-la-une/velo-desch-a-belval-sur-un-troncon-grand-luxe>

Cette augmentation de la mobilité douce à travers notre région demandera une prise en charge au niveau local.

Les jeunes en situations de NEET (no éducation, empowerment, or training) pourront moyennant le « Re-cycles Planet » reprendre une activité professionnelle. Ainsi, ils pourront apprendre des compétences professionnelles de base, et/ou parfaire leurs compétences personnelles. L'outil pédagogique le « Zukunftsdiplom » peut être dans ce cas un facilitateur de l'insertion professionnelle ou sociale.

Des services de livraison par des courriers à vélo peuvent être envisagés, afin de compenser la mobilité réduite des personnes du troisième âge ou en situation de handicap.p.ex. : Les courriers prennent notes des commandes des clients, effectuent les achats et les livres à la maison.

A travers une application dédiée au déplacement à vélo cela permettra d'aider à la mobilité à vélo, grâce à un développement des trajets régionaux les plus sécurisant par leurs fréquentations afin d'assurer un meilleur confort et sécurité à l'usager.

### **10.7.1. - *Aktiviteiten am Kader vum ReCycle Planet:***

#### **05.03 - Vélos Atelier mat Telos**

Mëttes hunn mir een Vélos Atelier mat 2 Jugendlecher vun Telos gemeet. Sie sinn bei eis mat 3 Véloen vun hinnen. Hei hunn mir déi zesummen gefleckt an wieder nei Aspekter vun der Vélos Mechanik geleiert.

#### **12.03 - Vélos Atelier mat Telos**

Mëttes hunn mir een Vélos Atelier mat 2 Jugendlecher vun Telos gemeet. Sie sinn bei eis mat 3 Véloen vun hinnen. Hei hunn mir déi zesummen gefleckt an wieder nei Aspekter vun der Vélos Mechanik geleiert.

#### **11.12 – Vélos Atelier**

Den Samsteg hatt mir a Vélos Atelier wou zwee externen teilnehmer huren Véloen gefleckt hunn.

#### **03-12.12 – Vélo gebaut**

Weet puer Deeg hunn mir a Vélo wunn all Stecker zesummen gebaut.

## **10.8. Outreach**

Den Outreach war iwwert daat ganzt Joer 2020 aktif och iwwert den Confinement hinaus. Ennzel Gesprächer an RDV sinn weider an gehaalen ginn, mee, mat den neidechen Sanitären secherheets Mossnahmen. D'Opsichen vun den Jugendlechen dobaussen ass hei bis op weideres Zereck geschraufft ginn.

Aktiviteiten mat anner Outreacher oder Jugendlecher hun net konnten statt fannen weint der Sanitärer Situatioun.

D'Collaboratioun vum Outreach mam JH huet sech hei mei entfallt an Cristalisseirt. Den Outreach ass een Deel vum JH. Wei d JH vum Outreach. Et get op eng konstruktiv an laangfristeg Zesummenaarbecht hin geschafft:

- **Echange vun Informatiounen**
- **Reegelméissegen perséinlechen Austausch**
- **Stagen mam ZD verbannen**
- **Iwwert dëse Wee den Stagiairen d'Méiglechkeet ginn och an Entreprisen eranzekommen.**
- **Ré-Cycle Planet Workshop ginn mat den Jugendlecher gemeet, fir Professionnel Attituden ze leieren**
- **TIG stonnen kennen och iwwert den Outreach enkadreiert ginn.**

Natierlech sinn o Begleedungen bei den Dokter oder na Ënnerstëtzung bei den Administrativen Demarchen geleescht ginn. Gesprächer mat den Elteren esou wei Vertriebungen vum OYW op Evenementer ewéi dem Léierplazendag oder na d'Jobdag, wat et erméiglecht d'Collaboratioun mat enger Multidisziplinärer Equipe ze erweideren. Vir esou déi betreiten Jonken bescht méiglech weider ze leeden un dee Service deen hiren Bedierfnesser entsprécht.

D'Collaboratioun mam Jugendhaus erméiglecht et och preventiv an virbeugend un der Neet Situatioun ze schaffen. Jugendlecher déi sech zum Beispill an hirem leschten Schoulflichtegen Joer befannen, an um gudden Wee befannen vir an eng Ontätlechkeet ze geroden, kréien iwwert des Collaboratioun d'Méiglechkeet am vir Feld un hirer kommender Transitioun ze schaffen. An esou eng Neet Situatioun ze vermeiden.

Weider Collaboratiounen ginn mat aner Jugendhaiser ënnerhalen vir d'Begleedung vun den Jonken méi effektiv ze gestallten. Des Collaboratioun erméiglecht et zesummen un pedagogeschen Moosnamen vun engem Jonken ze schaffen.

Rdv mat den Elteren, Adem oder nach SNJ stinn hei am Virdergrond. Fir kennen gezielten Interventiounen op d Been ze stellen.

## 10.9.

## *Hochbeet/Urban Gardening*

„Urbaner Gartenbau, auch Urban Gardening, ist die meist kleinräumige, gärtnerische Nutzung städtischer Flächen innerhalb von Siedlungsgebieten oder in deren direktem Umfeld. Die nachhaltige Bewirtschaftung der gärtnerischen Kulturen, die umweltschonende Produktion und ein bewusster Konsum der landwirtschaftlichen Erzeugnisse stehen global im Vordergrund. Städtischer Gartenbau ist eine Sonderform des Gartenbaus.“

Dëse Projet gëtt säit dem Fréijoer 2015 erfollegräich duerchgefouert. Zilgrupp déi duerch dëse Projet erreecht gëtt, sinn déi Jonk aus dem Jugendhaus, an indirekt d'Passanten firum JH Doduerch soll hinnen een Zugang zu Natur erméiglecht ginn an déi Jugendlech solle léiere Verantwortung fir Planzen ze iwwerhuelen.

Gläichzäiteg steet den Projet am Lien mam Zukunftsdiplom. Hei kennen folgend Kompetenzen geschafft ginn:

- Ressourcenorientierung
  - Pflanzen wachsen lassen
  - Mit Erde arbeiten
- Aufforderungscharakter (Ernst)
  - Der Jugendliche muss sich um einen längeren Zeitraum um das Beet kümmern
- Partizipation
  - Mit dem Jugendlichen zusammen werden die Pflanzen ausgesucht
  - Erfolg durch Ernte
- Mehrdimensionalität
  - Handwerkliche Arbeiten
  - Gruppenarbeit bei mehreren Teilnehmern
- Forderung (Psychomotorik, Wahrnehmung, Kreativität)
  - Ganzheitliches Lernen mit allen Sinnen
- Fühlen
- Schmecken
- Sehen

### **10.9.1. Aktivitéiten am Kader vum Flächenbuffet:**

Den Flächenbuffet ass een Projet deen an Kooperatioun mat ASTM (Association Solidarité Tier Monde), Ministère de L'environement an der Gemeng Schéffleng gemaach ginn ass.

Ziel fir d'JH zesummen mat den Jonken d'Experiment an eisem Hoochbeet ze maachen an eraus ze fannen wei vill Platz, Arbecht an Zait et brauch fir een Gericht hier ze stellen.

Mat den Jonken hun mir decideiert een Kebab un ze planzen. Heimat wellen mir d'Bevölkerung iwwert eis lessgewuneschten sensibiliseiren an hinnen Visuel duer stellen wei vill Akerland op hierem Teller leiht.

#### **09.04 - Preparatioun vum Flächenbuffet.**

Mat engem klengen Grupp vun mir eist d'Hochbeet préparéiert fir kennen den Flächenbuffet un ze fengken.

#### **16.04 - Planzen séinen fir den Flächenbuffet**

Mat 2 Jugendlecher hunn mir verschidden Plantzen am Jh ugesat. Vir se spéider kennen an d'Hochbeet setzen.

#### **25.05 - Fläschentablett**

Mir hunn wieder un eiser Preparatioun vum Flächenbuffet geschafft.

#### **29.05 - Flächenbuffet**

Déi lescht Planzen sinn an d'Hochbeet émgesat ginn.

#### **03.06 - Flächenbuffet – Dësch gebaut**

Mat 2 Jugendlecher hunn mir een Dësch gebaut fir den Flächenbuffet méi Flott kennen den Matbierger ze präsentéieren.

#### **04.06 - Präsentatioun vum Flächenbuffet.**

Mat 2 Jugendlecher hunn mir den Flächenbuffet an der Gemeng presentéiert. An Begleedung mam Ministère vun der Ëmwelt an ASTM (Action Solidarité Tiers Monde).

#### **19.06 - Ëffentlech Präsentatioun vum Flächenbuffet**

Fir eisen Flächenbuffet effentlech ze präsentéiere ass op der Gemengem Platz en kleng feier organiséiert. Den RTL huet des feier och mat begleet.

## **10.10. Sport: D'Jugend dei sech Beweegt**

Le sport ainsi que le contact avec la nature sont les piliers de notre concept. De ce fait nous mettons en avant des activités à effort physique dans le quotidien des jeunes au sein de la maison des jeunes. Cette année nous avons privilégié les activités à l'extérieur afin de diminuer les probabilités de contamination au covid-19.

### **19.03 - Slackline**

Mir waren mat enger Grupp Jonken am Besch an hun divers Übungen op der Slackline ausprobeiert.

### **26.03 - Skateboard Tricke leieren**

Am Klengen Grupp hunn mir mat den Jugendlecher Tricke um Skateboard geleiert. Jugendlecher an Educateuren hunn hei hier Konscht am Spill „SKATE“ op d'Prouf gestallt.

### **27.04 - Vélostour**

Am Klengen Grupp sinn mir een Tour op den Lallengerbierg fueren gaangen.

### **24.04 - Fussball**

E puer Jonker hun am Kader vun hierem Stage e Fussball nometteg organisiert, Mir waren zu Schefflemg op en Terrain an konnten do e puer Matcher spille. Besonneg positiv as opgefall dat een Moment 2 kleng Kanner (4 an 7 Joer) eis nogekuclt hun an mat spille wollten. Die Jonk hun se gut an Spill integreiert an rücksicht op sie geholl.

### **01.10 – MTB Tour**

Mat enger Grupp motivierten Jonker sin mer mam Velo duerch de Schefflenger Besch gefuer an hun och Zait um Pump Track verbruecht.

### **16.10 – MTB Tour**

Mir hun en Tour vun 25 km gemach. Um Unfank war e mei groussen Tour geplangt mee de Grupp war frei midd esou dat mer eis entscheed hun den Tour ofzekierzen an mir hun dun och ennerwee eng kleng Paus gemach fir eppes ziessen

## 10.11. Brunch an Aktiviteit

### Brunch mat enger Wanderung

No der Ännierung vun den Ëffnungszäiten am Jugendhaus, huet de 06. Mäerz den éischte Brunch, Samschdes vun 11-14h, stattfonnt.

2 Meedercher a 5 Jongen dorun deelgeholl. Si ware super motivéiert hunn, esou dass jidderee virun der Zäit schonn do war. Als Brunch ass et Pancaken a Brout mat Gebeess ginn. Wärend der Preparatioun vum Brunch huet eng Equipe préparéiert an eng aner Equipe e Quiz gemaach.

Nom Brunch si mir eraus e gudden Tour tëppele gaangen. 2 Jonker hunn de Grupp op eng flott Plaz gefeiert, déi de Grupp virdrun net kannt huet. Dobäi konnt de Grupp eng Kou Herde vu ganz no bekucken a mir hunn de Wee zréck missten duerch „unwegsames Gelände“ fannen. De spektakulären Trëppeltour huet dem Grupp gutt gefall.

Wou mir zeréck am JH waren hunn mir en bësse gerascht an hunn de Rescht vum Dessert vum Kachatelier Freides giess.

### Brunch mat Escape Game

Fir den zweeten Brunch hunn mir als kach Thema, orientalesch iessen proposéiert.

Et Grouf verschidden orientalesch specialiteiten gemaach, schwarma, Falafel, houmous, etc...

Nom iessen hunn mir den Zuch geholl fir een escape room an da Staat ze spinnen .

Mir waren am ganzen zu 9, 2 Educateuren an 6 jonker.

### Brunch mat Escape Room

Am Mee sin mer nom Brunchen op Diddeleng an den Escape Room gangen. An 2 Säll opgedeelt hun die Jonk probeiert Rätsel ze liesen an bannen vun Stonn aus dem Sall erauszekommen.

Am Juli sin mer nom Brunch an de Funny Mountain gangen wou eis mei oder manner Klammbegeschter Jonk die Sportall mol engkeier op eng ganz anner Art a Weis konnten ausproeieren. Dono sin mer nach an Rotindes op den „Back tot he Roots“ gangen, e Graffiti Battle wou mer den Kenschtler konnten bei kreeieren vun hieren wierker nokucken .

### Brunch mat anschliessend Funny Mountaint an Back to the Books

Mir sinn mat engem Grupp op Arel an den Funny Mountaint gaangen wou mir eisen Klammspaas haten. Nom Sport sinn mir dann op d Rotonden op den Back to the Books gaangen. Hei hunn mir eppes kleng giess an hunn den Artisten no gekuckt wie Sie Graphittien gemeet hunn.

### **Brunch mat Käerze geissen**

No dem Brunch, wou d'Jonker decidéiert hun Waffelen ze maachen hu mir selwer Käerzen gemaach. Eng Rei Jonker huet sech un desser Aktivitéit bedeelegt. Emmer erem sinn Schwieregkeeten opgetaucht an der Produktioun, mee d' Jonker hun net opginn an emmer erem Léisungen gesicht fir d' Käerzen ze maachen. Des Aktivitéit konnt den Dag selwer net ofgeschloss ginn an gouf an denen nächsten Deeg am Acceuill weider partizipéiert.

## **11. Formatioun Animateur A**

**Animateur fir Aktivitéiten fir d'Jugend an der Gemeng Schëffleng.**

### **11.1. Zieler**

D'Animateuren , déi d'Formatioun duerchlaaf hun, sollen:

- e Grupp vu Jugendlechen altersgerecht encadréiere kënnen
- Risike vun Aktivitéiten aschätzen a fir Secherheet suerge kënnen
- mat Konflikter am Grupp émgoe kënnen
- hier Roll als Animateur kennen an als Firbild fungéiere kënnen
- Eegeninitiativ ergräifen an eegestänneg schaffe kënnen
- Handlungsméiglechkeiten a konkrete Situations kennegeléiert hunn
- déi aaner Animateure, mat deenen se wärte schaffen, kennegeléiert a mat hinnen am Team geschafft hunn
- vertraut si mat den Aktivitéiten, déi an deem jeeweilege Joer ugebuede ginn

## 11.2. Inhalt vun der Formatioun

Déi ganz Formatioun fir d'Animateuren soll an éischter Ligne non-formell oflaafen. Déi Jonk sollen d'Moduler nom Motto „learning by doing“ bääbruecht kréien a villes selwer entdecken, erausfannen an erliewen. Dowéinst sinn déi Stonnenugaben, déi bei den einzelne Moduler ze fanne sinn, ledeglech als Richtlinn fir d'Gewiichtung vun den Themen ze verstoen. Déi meeschte Punkten gräifen anneneen iwwer a fannen sech an den einzelnen Aktivitéiten, déi während der ganzer Formatioun gemaach ginn, erëm.

Dest Joer hun 9 TN mat der Animateur A Formatioun ugefangen. 1 TN huet ofgebrach an 1 TN huet den 1 WE weinst Verdacht op Covid net konnten matmaachen. Si kennen dei Deeg an der nächster Formatioun nohuelen.

Den 1 WE kruten d TN en eischten Ableck an en Hiking, Kachen um Feier, Zelt opriichten, en Biwak bauen an verschidden Spiller. Do as och d Iddi vun hinnen entstaanen en Handbuch ze schreiwen, wat en Animateur alles muss wessen, kennen.

Den 2 WE hun d TN selwer en Hiking organiseert den eischten Dag. Den 2 Dag stung en Velotour, Klammen zu Audun, Kachen um Feier an d' Treschentoilette fäerdegt bauen um Programm.

Beim Teambuilding huet de Grupp sech beim Kiosk um Kierchbierg getraff. Do stungen Kooperatiounsspiller am Fokus an en Resumee vun der Formatioun, respektiv d Handbuch gouf ergänzt, wat d TN no der Formatioun finaliseieren wollten.



All 7 TN hun hier Ministagen am Jh gemaach an kruten am Dezember hieren Brevet vum SNJ iwerreescht.

Dëst ass e Modul deen de Participanten soll d'Méiglechkeet bidden, Äntwerten op hier „waat wier wann...“-Froen ze kréien (wéi bspw.: „Waat muss ech maache wann e Jonke fortleeft?“ oder „Wourop muss ech oppassen, wann sech énnert de Jonken eng Koppel bild?“). Hei get souwuel op Situationen agaangen, déi regelméisseg bei Aktivitéite passéieren, wéi och op déi, déi éischter rar sinn. Dëst orientéiert un de Froen an den Onsecherheete vun den zukünftegen Animateuren.


## 12. Divers

### 12.1. Statistiken journal de bord

#### 12.1.1. Visiteurs



### 12.1.2. Nombre de participants dans tous les projets



### 12.1.3. Berodungsgespreicher

